Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2017

Pressematdeelung

Statement vun der Caritas Lëtzebuerg zum „World Homeless Day“ den 10. Oktober 2017

Wierdeg Wunne fir jiddereen!

Der Welt-Wunnéngslosen-Dag as eng Aktioun, bei där sech weltwäit verschidden Organisatiounen drëm beméien fir verstäerkt op d ‘Bedierfnisser vun de Wunnéngslosen hinzeweisen an Opklärungsaarbecht ze leeschten. Caritas erënnert un dësem besonneschen Dag zu Lëtzebuerg drun, datt d ‘Situatioun vun de Mënschen, déi um Rand vun eiser Gesellschaft liewen, eis alleguerten ugeet. **Et as weiderhin nout-wenneg fir ze handelen, an et ass och méiglech!**

1. Honnerte vu Mënsche musse bei ons op der Strooss liewen, Dausende wunnen ënner prekäre Konditiounen. Dëst Joer sinn zu Lëtzebuerg 2.763 Mënschen a Noutstrukturen, a Wunnheemer an a betreite Wunnformen ënnerbruecht.[1] Zu Lëtzebuerg gin ech just 2% vun alle Wunnengen déi subventionéiert ginn (resp. „Sozialwunnengen“). Dës Zuel läit e Villfacht ënnert de Vergläichswerter an de Nopeschlänner. Laut Estimatiounen vun Caritas géifen hei am Land ca. 30.000 Sozialwunnenge feelen. Programmer fir Wunnhëllefen hunn biswell nët genuch Wierkung gewisen. Och aner Moossnamen am Kader vu “Pacte Logement” gounge biswell nët duer.

Opruff un di nei Gemengeverantwortlech

- Caritas Lëtzebuerg rifft dofir all nei gewielten Verantwortlech an de Schäffen- a Gemengeréit dozou op, fir verstäerkt a konsequent **soziale Wunnraum ze schaffen** an d’Träger/Organisatiounen am Sozialwiesen dobäi ze ënnerstëtzen fir soziale Wunnraum ze schaffen an deenen d‘Leit vu qualifizéierte Sozial-aarbechter begleed kënne ginn. Caritas Lëtzebuerg ass e méigleche Partner heifir a bered fir zesumme mat Gemengen dëst an Ugréff ze huelen.
- Die aktuell kommunal respektiv interkommunal **Loyers-Commissiounen**[2] sollen am Hibléck op hir Funktiounsweis reforméiert ginn, sou datt all

[1] Quelle: Ministère de la Famille et de l’Intégration, Recensement des structures d’hébergement à la date du 15 mars 2017

[2] Art. 7 de la Loi du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation

Wunnverhältnesser ofgedeckt sinn an d'Mënschen viru wiertschaftlecher Ausnotzung besser geschützt sinn.

- An all Gemeng, respektiv op interkommunalem Plang sollen „**Wunnéngskommissiounen**" ageriicht gin, déi sech mat alle Wunnformen befaassen a wou d'BiergerInne sech bedeelegen kënnen un neie Léisungen zur Wunnfro.

2. D'Bild, dat vill Mënsche vu Wunnéngslosen hunn, as cliché-haft a vu Stereotype geprägt. Et gi vill Viruerteeler zum Ausmooss, den Ausléiser an de Konsequenzen vun der Wunnengsnout a Wunnengslosegkeet. Deemno bleiwe mir all gefuerdert fir zur Opklärung a Versachlechung vun der ëffentlecher Debatt bäizedroen! Caritas Lëtzebuerg as dofir am gaang fir eng „mallette pédagogique" auszeschaffen mat didakteschem Material fir Enseignanten a sozialerzéieresch Jugendaarbechter fir kënne facettëräich an differenzéiert dëst Thema unzegoen. Eng Pilotphas leeft dëst Schouljoer mat e puer Schoulklassen a Jugendhaiser.

Viruerteler bekämpfen, Verständnes entwéckelen

- Virurtel 1: „**All Wunnengslose kritt oder huet genuch Hëllef**. Kee brauch zu Lëtzebuerg op der Strooss ze liewen." → Nët all Persoun zu Lëtzebuerg kann a Genoss komme vun der Wunnengslosenhëllef. Virun allem Persounen ouni di respektiv Sozialrechter sinn zu engem groussen Deel ausgeschloss vum Hëllefssystem. Dofir sinn a bleiwen dës Mënschen op fräiwëlleg Hëllef ugewisen (Dons en nature, medezinesch Noutbehandlungen etc…)
- Virutel 2: „**Wunnengslos Mënsche schaffe näischt.**" → Vill Persounen, déi an de Strukturen vun der Wunnengslosenhëllef ënnerbruecht sinn, schaffen, jee no Méiglechkeet, am Kader vun den RMG-Moossnamen. D'Déngschter an der Wunnengslosenhëllef géife guer nët ouni dës wäertvoll Mataarbechter funktionéiren.
- Virurtel 3: **„Wunnengslosegkeet betrefft just eng Minoritéit iwwert déi vill Ophiewes gemaach gët."** → Déi Mënschen déi an Urgence-Ariichtungen oder Wunnheemer ënnerbruecht sinn, si just en Deel vun der Wunnfro zu Lëtzebuerg; souzesoen den Deel vum Äisbierg, den e gesäit. De „Mal-Logement" betrëfft awer wäitaus méi Mënschen an vill aner sozial Froen an Ongläichheeten, déi och de Poopst Franziskus ëmmer erëm kritiséiert.[3]

[3] Papst Franziskus (Predigt beim Fratello-Treffen am 13.11.2016) : (…) Heute, liebe Brüder und Schwestern, ist euer Jubiläum, und mit eurer Anwesenheit helft ihr uns, uns auf die Wellenlänge Gottes einzustellen und das in den Blick zu nehmen, auf das er schaut: Er bleibt nicht beim äußeren Schein stehen (vgl. 1 Sam 16,7), sondern schaut » auf den

3. **Handlen as nout-wendeg, an och méiglech.** *Caritas Accueil et Solidarité* bereed momentan d'*Wanteraktioun* vir (zesumme mat de Partnerorganisatiounen an zoustännege Regiirungsservicer), bei där tëschen dem 1. Dezember an 31. Mäerz deeglech bis zu 200 Persounen eng Noutënnerkonft kréie kënnen (am Wanter 2016/2017 waren et duerchschnëttlech 117, Maximum 163 a Minimum 49 Leit) Fir den Encadrement an d'Verfleegung sicht Caritas och ëmmer Fräiwëlleg Mataarbechter déi moies oder owes 2 Stonnen zur Verfügung sinn.
   Awer „logi, blanchi, nourri" as nët alles ! E wichtegt Angebot, dat iwwert Donen finanzéiert gëtt, an zënter elo 10 Joer leeft, ass de **Fitness-Training „Re-Building" mam Georges Christen** als Kraafttrainer. Et ass wichteg, datt Mënschen, déi vu Wunnengslosegkeet bedrot sinn oder wunnengslos sin, och an hiren nët-materielle Bedierfnisser wouer- an eescht geholl ginn. Villen vun hinnen hëlleft dëse Kraafttraining och fir Halt a Kraaft ze fannen an Energie opzebauen fir hiren Alldag.

Aarmut as keen Zoufallsprodukt. Villes kann a muss ënnerholl ginn, fir datt Wunnengslosegkeet iwwerwonnen ka ginn. Den heitegen Weltdag vun de Wunnengslosen soll eis speziell dorun erënneren a waakreg rëselen, datt et e **Mënscherecht as, an Dignitéit de liewen a wierdeg ze wunnen![4]**

Armen und Zerknirschten « (Jes 66,2), auf die vielen armen „Lazarusse" von heute. Wie sehr ist es doch zu unserem eigenen Schaden, wenn wir so tun, als bemerkten wir Lazarus nicht, der ausgeschlossen und „weggeworfen" wird (vgl. Lk 16,19-21)! Das bedeutet, das Gesicht von Gott abzuwenden. Das bedeutet, das Gesicht von Gott abzuwenden! Es ist ein Symptom von geistiger Sklerose, wenn das Interesse sich auf die Dinge konzentriert, die man produzieren will, anstatt auf die Menschen, die man lieben sollte. So entsteht der tragische Widerspruch unserer Zeit: Je mehr der Fortschritt und die Chancen wachsen, was an sich etwas Gutes ist, umso mehr Menschen gibt es, die dazu keinen Zugang haben. Das ist eine große Ungerechtigkeit, um die wir uns weit mehr sorgen müssen, als darum, zu wissen, wann und wie das Ende der Welt sein wird. **Denn man darf nicht ruhig im Hause bleiben, während Lazarus vor der Tür liegt; es gibt keinen Frieden im Hause des Wohlhabenden, wenn es im Hause aller an Gerechtigkeit fehlt.** (…)

[4] **Allgemeine Erklärung der Menschenrechte 1948** : Artikel 25 (Recht auf Wohlfahrt) „1. Jeder hat das Recht auf einen Lebensstandard, der seine und seiner Familie Gesundheit und Wohl gewährleistet, einschließlich Nahrung, Kleidung, **Wohnung**, ärztliche Versorgung und notwendige soziale Leistungen gewährleistet sowie das Recht auf Sicherheit im Falle von Arbeitslosigkeit, Krankheit, Invalidität oder Verwitwung, im Alter sowie bei anderweitigem Verlust seiner Unterhaltsmittel durch unverschuldete Umstände. (…)" ---- **Europäische Sozialcharta** (revidierte Fassung von 1996), Artikel 31: „**Das Recht auf Wohnung** - Um die wirksame Ausübung des Rechts auf Wohnung zu gewährleisten, verpflichten sich die Vertragsparteien, Maßnahmen zu ergreifen, die darauf gerichtet sind: den Zugang zu Wohnraum mit ausreichendem Standard zu fördern; **der Obdachlosigkeit vorzubeugen und sie mit dem Ziel der schrittweisen Beseitigung abzubauen**; die Wohnkosten für Personen, die nicht über ausreichende Mittel verfügen, so zu gestalten, daß sie tragbar sind."

Anlage: ETHOS-Typologie zur Wohnungslosigkeit (FEANTSA)

Useful links:
http://www.feantsa.org/
http://housingrightswatch.org/

Eurostat-Housing statistics http://ec.europa.eu/eurostat/statistics-explained/index.php/Housing_statistics#Tenure_status

http://www.worldhomelessday.org/